an Ärer Géigend vun der Autobunn eroffiert, an et gesäit een, dass do matzen an der Landschaft e risegen Immeubel, deen net landwirtschaftlecher Natur ass, genehmegt gëtt, an d'Leit kréie Schwieregkeete gemaach, déi en einfacht landwirtschaftlecht Gebai wëllen dobaussen opriichten. Da braucht Der Iech net ze wonneren, wann esou Reaktioune kommen. An ech froe mech, oder ech froen Iech: Wéi wëllt Der, wann do keng Kohärenz kënnt, Fridden a Berouegung an déi ganz Atmosphär erakréien?

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Ech deele souguer e Stéck vun deem, wat Der sot, dass et noutwendeg ass eng Kohärenz hierzestellen. Mir hunn eng Kommissioun, wou och all Partien dra sinn, déi iwwer landwirtschaftlech Gebaier an hir Ausriichtung sollen décidéieren. Ech mengen, dass dat d'Enceinte ass, fir dat kënnen ze maachen. An ech mengen och, dass déi Virschréften, déi do diskutéiert a festgehale ginn, ënner alle Parteie sollen agehale ginn.

Ech muss awer soen, dass an der Ëmsetzung vum Artikel 17, iwwert dee mer jo elo säit Wochen a Méint diskutéieren, tëschent dem Landwirtschaftsministère an dem Ëmweltministère an der Tëschenzäit en Accord fonnt ginn ass, an dass all déi Parteien, déi hei involvéiert sinn, sech eens gi sinn driwwer, iwwer eppes.

An ech wëll awer do zwee Beispiller soen: Am Rahme vun dem neien Naturschutzgesetz, wat an dësem Haus 2004 eestëmmeg ugeholl ginn ass, ass deen alen Artikel 17 méi contraignant a méi schaarf ausgeriicht ginn an esou viru wéi e virdru war. En huet méi e penale Charakter kritt wéi e jee virdrun hat. A mir sinn u sech just an der Ëmsetzung, dem Versuch vun der Interpretatioun vun deem, wat de Législateur dann do gemengt huet.

Mä en huet a sech d'Konditioune fir d'Landwirtschaft eestëmmeg verschäerft par rapport zu deem, wat d'Situatioun virdru war. Do ass och eng vun de Schwieregkeeten: Dann do ze kommen an och onideologesch, ouni fundamentalistesch ze sinn, wéi et virdru gesot ginn ass, derfir ze suergen, dass all Acteur - déi Fonctionnairë vun der Forstverwaltung, un déi ee vläicht och heiansdo kann denken, an och déi Acteuren, déi um Terrain sinn, an esou virun - am Artikel 17 datselwecht liest, wéi dat, wat de Législateur dra liest.

An dann hutt Der en anert Beispill gesot. Do muss ech awer soen: och do Renaturéierung. Da kommt mer schwätzen iwwert d'Renaturéierung am Zesummenhang mat de Kompensatiounsmoossname vun der Nordstrooss. Ech stellen awer just fest, dass den Ëmweltminister e Gesetz huet - d'Schafung vun der Nordstrooss -, wou d'Kompensatiounsmoossnamen, déi do…

(Interruption)

…virgesi sinn, am Gesetz mat dra sinn.

Elo kënnt Der vu mir verlaangen, dass ech d'Gesetz net ëmsetzen. Mä d'Renaturéierung vun der Uelzecht ass eppes, wat am Gesetz drasteet. An duerno an engem Règlement grand-ducal sinn dann d'Formen, wéi dat soll geschéien. Och d'Gréisstenuerdnunge sinn do festgehalen.

Dir kënnt also dann net soen, dass elo hei d'Leit Ideologie maachen, wa se e Gesetz, wat hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, an e Règlement grand-ducal, deen op der Basis vun deem Gesetz geholl ginn ass, ëmsetzen. Da musse mer iwwert d'Schwieregkeete vläicht diskutéieren, mä awer décemment net Virwërf maachen, wa mer souwuel am Artikel 17 vum Naturschutzgesetz wéi an de Kompensatioune vun dem Nordstroossegesetz dat maachen, wat de Gesetzgeber vun eis verlaangt huet.

Dofir, mengen ech, ass et awer am Zesummenhang mat dëser Konventioun, déi jo och déi Elementer enthält, wichteg ze soen: Mir brauchen dee Mehrwäert an der Ëmsetzung vun deenen Instrumenter, déi mer eis an deene leschte Jore ginn hunn. Mir brauchen den Dialog.

Mä et ass awer keen Dialog, deen eesäiteg ka sinn, dass all Kéier dann, wann ekonomesch an aner Notze méi wichteg sinn, dass dann den Naturschutz muss zréckgoen. Mä da brauche mer Équatiounen; da brauche mer Équiliberen; da brauche mer Kompromësser. An do wäert ech derfir suergen, dass do den Naturschutz an d'Landschaft an d'Kulturlandschaft, esou wéi d'Konventioun et seet, och hir Plaz fannen, well ech mengen, dass dat an deene leschte Joren oft net de Fall war.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Mir sinn domat um Enn vun der Debatt. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Stein-Mergen), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5328 iwwert de CPOS. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Hetto, d'Madame Brasseur an den Här Adam. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Jos Scheuer. Här Scheuer.

3. 5328 - Projet de loi portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS)

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Jos Scheuer *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir hutt de schréftleche Rapport zum Projet de loi 5328 virleien. Deen ass scho relativ voluminéis an ech mengen ech ka mäi mëndleche Rapport e bësse méi kuerz halen.

Dat allerwichtegst Element an dësem Projet de loi ass fir mech de Fait, datt iwwert dëst Gesetz d'Relatiounen tëschent dem CPOS, där Daachorganisatioun, déi hire Sëtz am Ministère huet, an de SPOSen, de Services de Psychologie et d'Orientation Scolaires, déi an den eenzelne Schoulgebaier fonctionnéieren, geregelt ginn.

Déi Services de psychologie et d'orientation scolaires si Servicer, déi et an all staatlechem Secondairesgebai gëtt. Déi Servicer begleeden d'Élèven an hirem schoulesche Parcours: am Secondaire technique, am Secondaire classique. Si informéieren d'Élèven iwwert d'schoulesch Carrière, déi se viru sech hunn. Si berode se opgrond vun de Resultater, déi d'Élèven hunn. Si berode se individuell a si betreien och Problemfäll bei Schoulschwieregkeeten, bei perséinleche Schwieregkeeten, bei psychologesche Schwieregkeeten a bei Integratiounsproblemer.

Am Kader vun allen Etablissementer mussen déi Servicer zesummeschaffe mat enger ganzer Serie vu Schoulpartner: Éischtens mat den Direkteren, deene se ënnerstinn, zweetens mat de Professeren an allen Enseignanten, da mat den Elteren a virun allem och mat den Élèven.

Do derniewent kënnt dann d'Siche vun Informatiounsmaterial. Si kënne Verbindungen hierstellen. Et kënnt dozou, datt Verbindungen hiergestallt gi mussen zur Aarbechtswelt, zur Orientation professionnelle, etc..

Déi SPOSen hunn eng wichteg Missioun a si hu virun allem eng komplex Missioun ze erfëllen. An et ass ganz evident: Fir datt se kënne fonctionnéieren, musse se agebonne ginn an déi staatlech Schoulpolitik. An eben déi Reorganisatioun vum CPOS, vum Centre de Psychologie et d'Orientation Scolaires, soll dat Abanne vun de SPOSen an déi staatlech Schoulpolitik besser maachen.

Am CPOS schaffe Leit, déi dofir ausgebilt sinn. Si si qualifizéiert fir d'SPOSen ze betreien a fir derniewent och déi SPOSe praktesch um nationale Plang ze doubléieren.

De CPOS ass also eng Daachorganisatioun, et ass eng Daachstruktur a mat dësem Gesetz schafe mer d'Gesetz vun 1987 of.

Ech faassen Iech ganz kuerz déi sechs Elementer aus dësem Gesetz zesummen, déi mir als déi wichtegst erschéngen:

Éischtens den Doublement vun de SPOSen. De CPOS kann dat maachen, wat d'SPOSen an den eenzelne Gebaier maachen. E mécht dat um nationale Plang. En informéiert an e betreit. Virun allem betreit en d'Élèven aus deene Schoulen, déi kee SPOS hunn; dat sinn duerchweegs déi international Schoulen. Esou datt och d'Verbindung vun deenen internationale Schoulen zum Lëtzebuerger Schoulsystem iwwert de CPOS garantéiert ass.

Zweet Missioun dann, ganz wichteg a mengen Aen: De CPOS ass zoustänneg fir d'Formatioun vun de Responsabelen an de SPOSen. Déi fonctionnéieren net méi au gré, vun de Wënsch a vun de Virstellunge vun de Leit, déi dann dodra genannt ginn. Neen, et muss harmoniséiert ginn an et muss koordinéiert ginn. Déi Formatiounsprogrammer musse vum CPOS opgestallt ginn. Ech mengen de Schoulsystem gewënnt drun, wann déi Kohärenz hiergestallt gëtt.

Drëtt Missioun dann: De CPOS koordinéiert déi Institutiounen, déi Organisatiounen, déi an der Orientéierung vun den Élèven hin op d'Beruffsliewe concernéiert sinn. D'Orientation professionnelle geschitt a villen Instanzen. Vill Institutioune fille sech beruff. Vill maachen et och mat méi oder wéineger Engagement. De CPOS koordinéiert elo déi Zesummenaarbecht, andeem e se zesummerifft e puer Mol am Joer, ënnert der Présidence vum Direkter vum CPOS. Se treffe sech dann a schaffen a koordinéiere sech.

Véiert Neierung: De CPOS gëtt zum Mediatiounsservice. Dat war am urspréngleche Gesetz net virgesinn. E Mediatiounsservice am Beräich vum Schoulwiese gëtt et net spezifesch. Dëse Mediatiounsservice ass zoustänneg fir de Primaire an en ass zoustänneg fir de Secondaire. An ech mengen och hei hate mer e Konsens an der Kommissioun, opgrond vun deem wat an deene leschte Joren ëmmer méi heefeg am Schoulliewe virkomm ass, nämlech datt Eltere virun en Tribunal gi fir e Recht anzekloen oder fir eppes bestätegt ze kréien, wat se menge wat onrecht gewiescht wär. Dat schaaft onméiglech Situatiounen am schoulesche Liewen. De Mediatiounsservice kann, am Virfeld vun esou gravë Schrëtt viru Geriicht, scho munch Steng aus de Féiss schafen, respektiv d'Leit dohinner guidéieren, wou se am beschte geholl kréien. Do kann ee beim Commentaire des articles nach drop zréckkommen.

Fënneft Charakteristik dann: De CPOS, mat senge Spezialisten, kann dann och psychologesch Therapië maachen an deene Fäll, wou d'Schüler net kënnen oder net wëlle bei de SPOS an hirem Gebai goen, aus verschiddenen, munchmol ganz mënschlechen Ursaachen. Dobäi muss dann och de Secret professionnel vun den Intervenanten aus dem CPOS garantéiert bleiwen.

Sechst wichtegt Element: D'Memberen aus dem Service, déi an den eenzelne Gebaier schaffen, stinn ënner enger duebler Autoritéit, an doriwwer ass vill diskutéiert ginn am Virfeld a schonn zënter laanger Zäit. De Schouldirekter ass de Verwaltungschef iwwert de SPOS. Hien übt d'Autorité administrative aus an den Direkter vum CPOS huet déi fonctionnel Autoritéit iwwert d'Membere vun de SPOSen. Et ass elo ganz wichteg, datt déi zwee Begréffer gekläert ginn um Terrain, an Zesummenaarbecht tëschent CPOS, SPOSen an den Direktiounen. D'Iddi ass, datt de CPOS d'Méiglechkeet kritt fir eng kohärent Linn an d'Orientation scolaire ze kréien; datt déiselwecht Qualitéit vun alle Servicer an alle Gebaier kann ugebuede ginn. Et schéngt mer och selbstverständlech ze sinn, datt den Direkter bei den Nominatioune vum Personal ka säin Avis ofginn.

Dat sinn déi grouss Iddien aus dem Gesetz. E kuerze Commentaire vun den Artikelen, esou wéi se an der Kommissioun diskutéiert gi sinn.

Artikel 1: Am éischten Artikel ginn d'Missioune vum CPOS opgezielt. Et sinn der am ganzen néng. Ënner Punkt 2, eng wichteg Koordinatioun tëschent allen Instanzen, déi sech ëm d'Orientatioun an d'Informatioun vun de Schüler beméien; eng Koordinatiounsmissioun.

Dann den Artikel 3 - ech iwwersprangen den Artikel 2 emol -: Eng national Kommissioun gëtt geschaf mat zéng Memberen, wou all Intervenanten um Niveau vun der Orientation professionnelle vertruede sinn. De President vun där Kommissioun, déi sechs Mol am Joer zesummekënnt, ass den Direkter vum CPOS.

E wichtegt Element oder e puer wichteg Saachen, déi mer diskutéiert hunn, déi een net comme telles an dem Projet de loi erëmfënnt. D'Kommissioun huet ervirgestrach, datt de CPOS eng wichteg Roll spille kann, doduerch datt en déi national Ulafstell ass, praktesch de Foyer oder de Fokus, wou d'Informatiounen iwwert d'schoulescht an ausserschoulescht Ëmfeld zesummelafen.

Wann een all déi Informatiounen zesummendréit, dann huet ee wahrscheinlech d'Méiglechkeet, fir sech en objektiivt Bild iwwert de Lëtzebuerger Schoulsystem ze maachen, iwwert de Périscolaire, iwwert de Parascolaire an iwwert d'sozial Ëmstänn an deenen d'Kanner léiere mussen an an deenen och d'Professere Schoul hale mussen.

An de 60er a 70er Joren ass et dee berühmten Term ginn „Systemberatung" - deen hat wierklech eng ideologesch Connotatioun. Mir loossen dat falen, halen awer zréck, datt ee munch Lacunen aus engem System kann opdecken, wann eng gutt Analys aus der Aarbecht vun de SPOSen a vum CPOS gemaach gëtt.

Dat géif also dat hei heeschen, datt de CPOS e Pendant ass zum SCRIPT op deem Niveau, deen ech beschriwwen hunn. Kompetenze gi jo vermëttelt an engem sozialen Ëmfeld, an enger Ambiance an am Zesummespill vu ville Parteien.

Menger Meenung muss de CPOS esou opgebaut ginn an esou schaffen, datt vun deem CPOS eben Impulser ausginn, déi een zu Gonschte vun eisem Schoulsystem verwende kann.

De CPOS ass a mengen Aen eng Antenn, déi vill vermëttelt, och iwwert d'Suerge vun de jonke Leit am Kader vun hirer Schoul an iwwert de Kader vun där Schoul eraus.

Eng aner Remarque, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass. De CPOS ass net zoustänneg fir d'Primärschoul. D'Kommissioun freet sech wien zoustänneg ass, wann d'Kanner bis zwielef Joer Verhalensstéierungen hunn, wa se eng Therapie brauchen. Och am Primaire ginn et Kanner, déi suicidaire sinn, et gi Kanner mat gravë psychesche Problemer a Schied a munchmol oder ganz oft sinn d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen eleng do, fir de Kanner ze hëllefen.

An zréck dann zum Artikel 2: Hei gëtt d'Mediatioun agefouert vun där ech am Virspan geschwat hunn.

Den Artikel 4 an den Artikel 5 befaasse sech mat dem Personal vum Centre an de verschiddene Carrièren. Et gëtt e Kader geschaf. Et gi vill Méiglechkeete geschaf, fir Leit an de CPOS ze nennen, fir Spezialisten anzestellen, déi net nëmmen eng Analys vun den Ursaache vu Schoulschwieregkeete maache kënnen, mä déi och eng Therapie maache kënnen. Keng medikamentös Therapie, déi ass dem Medeziner virbehalen, mä d'Psychologen, d'Pedagogen, d'Orthophonisten an esou weider kënne bei ville Schwieregkeeten hëllefen. Et ass kloer, d'Kommissioun wëllt dat och net, et soll kee Waasserkapp opgebaut ginn an et ass a bleift der Regierung iwwerlooss, fir de Kader opzefëllen, jee wéi d'Besoinë sech dann erginn.

Den Artikel 6 seet, datt den Direkter aus der Carrière supérieure soll kommen. Et ass och gesot ginn, datt den Direkter wa méiglech e Psycholog sollt sinn an datt hien d'Autorité fonctionnelle dann iwwert d'CPOSen huet.

Am Artikel 7 gëtt gesot wien d'Nominatioun mécht. De Grand-Duc ass zoustänneg fir d'Nominatiounen an der Carrière supérieure ze maachen an de Minister nennt d'Leit an deenen anere Carrièren.

Am Artikel 8 steet, datt d'Personal aus dem CPOS un e Beruffsge-

heimnis gebonnen ass; an dat schéngt mer och e wichtegt Element. Orientatioun a psychologesch Betreiung sinn delikat Missiounen a kënnen net op der Place publique gemaach ginn, si baséieren op géigesäitegem Vertrauen. Dëst Feld ass äussert problematesch fir d'Memberen an de Servicen. Si maache sech grad op dësem Feld, deemno wéi se deen dote Secret professionnel ausleeën, onbeléift bei deenen engen oder bei deenen aneren, de Proffen, den Elteren oder de Schüler. Eng delikat Funktioun, eng delikat Missioun, delikat wäerd et och ginn, fir dee Secret professionnel ze determinéieren.

Am Artikel 9 geet da Rieds vun den Dispositions transitoires an d'Gesetz vum 1. Abrëll 1987 gëtt ofgeschaf.

Et gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, eng gewësse Kontinuitéit bei dësem Gesetz, wat 2004 deponéiert ginn ass. Et sinn e puer Neierunge bäikomm - ech hu se opgezielt -, déi sech am Laf vun der Zäit als noutwendeg erginn hunn. Et ass och e puermol - eng Kéier op jidde Fall, an zwar bei der Autorité fonctionnelle an der Autorité administrative tranchéiert ginn. Och dat war noutwendeg an ech menge mir hunn dat Gesetz am Joer 2006 mat enger grousser Majoritéit an der Kommissioun duerchbruecht.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Ech soen all deene Kolleegen an och de Leit aus dem Ministère natierlech Merci, déi bei deene Preparatioune matgehollef hunn. E Gesetz an der Kontinuitéit also an d'Ëmännerunge si flexibel abruecht ginn ouni Dissens.

Villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech géing dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun abréngen, net als Rapporteur, mä mat där anerer Kap.

Une voix.- Geet dat dann?

M. Jos Scheuer *(LSAP), rapporteur.*- Wann et net geet, mécht den Här Fayot et. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur Jos Scheuer vun Iechternach.

Als éischt Riednerin assageschriwwen, d'Madame Hetto. Madame Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wollt ech emol am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur Jos Scheuer villmools Merci soe fir säin exzellenten an ausféierleche Rapport. An dësem Gesetzestext mat der Nummer 5328 geet et ëm d'Reorganisatioun vum Centre de Psychologie et d'Orientation Scolaires, kuerz CPOS genannt, deen ee wierklech net verwiesselen dierf mat de Servicer, déi an de Lycéeë fonctionnéieren, de SPOSen, de sou genanntene Services de Psychologie et d'Orientation Scolaires.

Et ass besonnesch ervirzehiewe wéi vill an deene leschte Jorzéngte geleescht gouf, fir de jonke Leit eng besser psychologesch Betreiung zoukommen ze loossen an hinnen ze hëllefen hir Problemer an der Schoul oder awer och an hirem perséinleche Liewen ze meeschteren. Souguer d'Skeptiker vun deemools hu mëttlerweil missen agesinn, dass d'psychologesch Betreiung vun de Schüler seng Friichten dréit.

Här President, an dësem Gesetzesprojet ginn d'Relatiounen tëschent dem Centre a senge Servicer méi kloer definéiert wéi dëst bis elo de Fall war. An et ass och besonnesch ze begréissen, dass hei endlech déi delikat Fro vun der Zoustännegkeet vun de Servicer an de Schoulen, also de sou genannte SPOSen, gekläert gëtt, déi bis haut wierklech dacks Ursaach vu sëlleche Konfusiounen an och Konflikter war.

Esou gëtt hei e kloren Ënnerscheed tëschent engersäits dem Schouldirekter gemaach, deen iwwert déi sou genannten Autorité administrative vun de Servicer an de Schoule verfügt, well déi jo schliesslech a sengem Schoulgebai ënnerbruecht sinn, an anerersäits dem Direkter vum CPOS, also dem Centre de Psychologie et d'Orientation Scolaires, deem d'Autorité fonctionnelle iwwert dës Servicer zouerkannt gëtt.

Dës Autorité fonctionnelle bedeit, dass de Centre elo den Optrag huet, déi generell Orientéierungsan Informatiounsmoossname vun de Servicer auszeschaffen, d'Methodologie an awer och den Inhalt vun den Aarbechtsprogrammer an der psychologescher Aarbecht ze definéieren.

De CPOS spillt en plus eng wichteg Beroderroll a steet der Ministesch oder dem Minister zur Säit, wann et drëms geet, fir d'Ëmsetzung vun deene verschiddene Moossnamen an de Schoulen ze evaluéieren an ze koordinéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, de Statsrot huet a sengem éischten Avis zu dësem Gesetzestext kloer ze verstoe ginn, dass et erfuerderlech ass, wa jonk Leit, déi sief et psychologesch Hëllef brauchen oder eben um schouleschen Niveau iwwerfuerdert sinn, och baussent hirer Schoul vun enger Struktur kënne profitéieren, déi sech hirer unhëlt.

De Besoin u professioneller Berodung an Orientéierung, esou wéi och u psychologeschen Ënnerstëtzungsmoossname fir déi jonk Leit ass haut méi grouss wéi jee. An dat zu enger Zäit, wou d'Aarbechtslosegkeet - vun där leider vill ze vill dacks ganz Jonker betraff sinn - ëmmer méi zouhëlt. Esou ass et nëmmen ze ënnerstëtzen, dass mat dësem Gesetzestext Brécke gebaut ginn tëschent der Schoul an der Aarbechtswelt, fir esou déi jonk Leit besser orientéieren ze kënnen.

Här President, a mengen Aen ass professionell psychologesch Betreiung fir jonk Leit vu ganz grousser Wichtegkeet. Wann ee bedenkt, dass hautdësdags ëmmer méi Jonker scho ganz fréi opfälleg ginn, wann een och d'Komplexitéit vun hire psychologesche Problemer analyséiert, da gëtt ee sech wierklech bewosst, dass d'Erausfuerderungen un de CPOS a seng Servicer an de Schoulen enorm héich sinn.

Ech wollt op dëser Plaz kuerz op de Rapport vum ORK ze schwätze kommen, dem Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, deen eis alleguer op d'Zuel vun de Suicidë bei de jonke Leit hei am Land opmierksam gemaach huet. Fir esou ee klengt Land wéi mir eent sinn, wou een dach am Fong geholl no beienee sëtzt an och misst mierken, wann eppes net stëmmt, ass dës Zuel alarmant héich.

Ech froen lech alleguer heibannen: Wéi schlecht muss et engem jonke Mënsch goen, dass hie just am Doud en Auswee gesäit? Wéi vill Angscht muss hien hunn a virun allem wéi wéineg Hoffnung, dass sech eppes fir hien ännert? Gehéiert et net zu eisen Aufgaben alles ze maachen, fir fréi genuch ze erkennen, wann ee jonke Mënsch mat sech an der Welt net eens ass an eventuell drun denkt sengem Liewen een Enn ze maachen.

Ech denken an dësem Kontext awer och un déi vill Kanner a Jugendlech, déi mat hirem Verhalen unecken, déi sech kenger Autoritéit wëllen, kënnen ënnerwerfen an um Enn vun der Schoul verwise ginn. Wat geschitt mat hinnen? Wou gi si opgefaangen? A wat passéiert mat hinnen, wa se nach keng 15 Joer hunn an am Fong geholl nach schoulflichteg sinn? Gëtt et net ze bedenken, dass ganz vill Jonker, déi hir Plaz net méi an eise Schoule fannen, schliesslech an d'Ausland wiesselen?

Dës Froen ënnersträichen a mengen Aen d'Wichtegkeet vun der Aarbecht, déi vum CPOS a senge Servicer an de Schoule geleescht gëtt. Si hunn déi schwéier Tâche fir mat alle Mëttelen ze versichen deene Jugendlechen, déi d'Schlappe verléieren, oder mengen ze verléieren, Halt ze ginn an hinnen de Wee ze weisen, fir sech an eiser Gesellschaft an an eisem Schoulsystem erëmzefannen.

Et erschéngt an dësem Zesummenhang kloer, dass dës schwiereg Aufgab ouni Zesummenaarbecht tëschent engersäits dem CPOS a senge Servicer an op där anerer Säit dem CPOS an dem Schoulpersonal net ze meeschteren ass. Ech géif hei just kuerz op d'Médiation scolaire och an der Schoul ze schwätze kommen.

De Rapporteur huet dem CPOS säi Rôle als Médiateur gutt erkläert. Mä an deem Kontext wollt ech awer och d'Fro opwerfen, ob de Service vun der Mediatioun, dee jo schonn an e puer Lycéeën ugebuede gëtt, fir d'Konflikter an de Klasseraim ze entschäerfen, och vum CPOS evaluéiert gëtt. A gëtt en, wann dës Evaluatioun sollt positiv ausfalen, eventuell op aner Gebaier ausgedehnt? Kéint een do zum Beispill eng Zesummenaarbecht tëschent dem CPOS an dem Schoulpersonal envisagéieren, wou de CPOS vläicht kéint esou an engem Genre Formation continue dem Léierpersonal dës Method méi no bréngen, fir dass déijéineg, déi all Dag mat de Kanner an deene Jonken ze dinn hunn, e Klima kënne schafen, wou et Freed mécht fir dran ze schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee sech d'Erausfuerderungen duerch de Kapp goe léisst, déi sech un de CPOS a seng Servicer an der Schoul stellen, da gëtt et engem ganz séier kloer, dass hei vill qualifizéiert Personal gebraucht gëtt. Et ass awer gewosst, dass keen zousätzlecht Personal agestallt gëtt an dass och keng Fiche financière bäikomm ass. Duerfir dränge sech am Fong geholl folgend Froen op: Wie mécht dann elo dës Aktivitéiten? Vu wou kommen déi Leit hier? Iwwer wéi ee Budget gi se bezuelt?

Ech géif mer wënschen, dass d'Regierung dem CPOS déi néideg Mëttelen zur Verfügung stellt, fir kënnen déi Posten ze schafen, déi gebraucht ginn, fir dass e seng Aarbecht ka gewëssenhaft ausféieren.

Wann Der mer erlaabt, Dir Dammen an Dir Hären, da géif ech, éier ech ofschléissen, awer och nach ze bedenke ginn, dass dëst Gesetz zwar vill positiv Aspekter opweist an och fir ganz kloer Kompetenzverdeelunge suergt, mä dass awer och eng ganz Partie Froen am selwechte Kader nach ëmmer keng Äntwert hunn.

Esou kann ee sech zum Beispill froen: Wou kréien d'Kanner mat Dyslexie oder anere schwéiere Léierproblemer gehollef? Wat ass dann elo eis Äntwert op d'Tatsaach, dass vill Jugendlecher an d'Ausland gi fir hir Schoul kënne fäerdeg ze maachen an iwwerhaapt op déi Aart a Weis eng Chance ze hunn, en Ofschlossdiplom ze kréien? Verfügt eist Léierpersonal iwwert déi néideg Sensibilitéit an och Formatioun fir ze mierken, wa Kanner eppes un hirer Séil wéideet?

A wou sinn d'Opfaangplaze fir d'Léierpersonal, dat sengersäits och Ënnerstëtzung brauch fir mat all deene Problemer, mat deenen et dagdeeglech konfrontéiert gëtt, ëmzegoen an domadder eng gesond Astellung zu sengem noble Beruff ze behalen?

Wéi ass et mat de Kanner an der Primärschoul? De CPOS ass net fir d'Primärschoulen zoustänneg. Ech mengen de Rapporteur huet och nach eng Kéier drop higewisen. Mä wéi eng Institutioun, niewent dem Léierpersonal, an de Primärschoule këmmert sech dann ëm déi Kanner, déi scho ganz fréi Problemer, sief dat um schouleschen oder um psychologeschen Niveau, opweisen?

Et muss ee jo bedenken, dass d'Problemer vun deene Jugendlechen net vun haut op mar opdauchen, mä dacks hiren Ursprong schonn am ganz jonken Alter hunn. Domadder wëll ech schléissen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a bréngen och den Accord vu menger Fraktioun zum Projet iwwert de CPOS.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Hetto. Nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur. Dir hutt d'Wuert, Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert d'Organisatioun vum Centre de psychologie et d'orientation scolaires ass e Projet de loi, dee sech areit an eng ganz Serie vu Gesetzer. Eent vun deene Gesetzer, dat gestëmmt ginn ass, ass dat iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën, wou d'Lycéeën an d'Lycées techniques méi Kompetenz kruten a wou eng vun de Kompetenzen déi war, dass den Direkter och d'Direction administrative vun de SPOSen, vun de Services de Psychologie et d'Orientation Scolaires, a sengem Gebai krut.

Firwat war dat wichteg? Mä dat war wichteg, well dee Service de psychologie et d'orientation scolaires oft vun de Schoule selwer als e Friemkierper ugesi ginn ass an déi heiansdo net richteg integréiert waren. Si haten en anere Patron, an dat huet a munche Gebaier zu Spannunge geféiert.

Et muss een d'Responsabilitéiten awer kloer definéieren, an dofir huet de Projet de loi iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën a Lycées techniques ebe virgesinn, dass den Direkter soll d'Responsabilité administrative iwwert déi Servicen hei hunn.

Wann ech soen, dëst ass e Stéck vun engem ganze Gefüge vu Gesetzer, esou gehéieren zu deene Gesetzer awer och nach anerer, wéi beispillsweis d'Basisschoulgesetz, wat déposéiert ginn ass, an d'Reform vum Gesetz vun der Primärschoul vun 1912. Dat sinn awer zwee Projeten, déi dës Regierung zréckgezunn huet a gesot huet, si géingen nei Projeten entwéckelen.

Et kritt een duerch d'Press mat, dass d'Schoulgesetz vun 1912 nach zu munchen Ausenanersetzungen tëschent de Koalitiounspartner féiert, wat jo och net erstaunlech ass, well d'CSV huet deen Text, dee vun der viregter Regierung déposéiert ginn ass, jo voll gedroen, an elo soll se net méi mat deem Text d'accord sinn. Et wäert also nach eng ganz Zäit daueren, bis deen Text dann hei op den Instanzewee kënnt a bis mer deen diskutéiert hunn.

Et ass awer och nach en aneren Text, dat ass dee Basisschoulgesetzestext, wou probéiert ginn ass all dat, wat gemeinsam ass fir all Schoulkanner, vum Préscolaire bis hin zum Lycée, an ee Gesetzestext anzebannen, och deen Text ass aus mir onerklärleche Grënn vun der Regierung zréckgezu ginn. Dëst ëmsou méi, dass do och d'Obligation scolaire eropgesat ginn ass.

Wéi ech dunn d'Regierung gefrot hunn, wat se da géing gedenke mat der Obligation scolaire, do ass gesot ginn, do kéim e separate Gesetzesprojet.

D'Madame Delvaux, déi wénkt mat „Jo", mä deen Text, dee louch scho prett do, dee war déposéiert gi virun zwee Joer am Kader vum Basisschoulgesetz. Elo sinn zwee Joer vergaangen a mir hunn nach ëmmer keen neie Projet amplaz.

An deem Projet war och virgesinn, dass eng Mediatioun sollt geschaf gi fir d'Schoul. Well dee Projet zréckgezu ginn ass, war et eng gutt Iddi, mir begréissen, dass d'Iddi vun der Mediatioun elo an de CPOS mat agebonne gëtt.

Et war och e Projet de loi an der Ausaarbechtung, dee war als Avant-projet de loi fäerdeg an der Consultatioun, iwwert d'Formation professionnelle. Och dat ass e wichtege Pfeiler vun onser Schoulstruktur. Och do weess ech net, wou en drun ass.

Wa mer hei iwwert de Projet vum CPOS schwätzen, esou ass dat nëmmen en Deel vun engem Ganzen, an et däerf een et am Fong och net isoléiert gesinn.

A mengen Aen ass et wichteg, dass de CPOS méi Visibilitéit kritt. Et war leider esou, dass en am Laf vun de Joren op eemol zu enger Aart Fourre-tout ginn ass. All Servicen, déi am Laf vun der Zäit op d'Schoul duerkoumen, wann een net richteg wosst, wie sech géing drëm këmmeren, da war et de CPOS. Dat war zum Beispill mat der Restauration scolaire esou, déi hu sech dorëm misse këmmeren. Dat ass jo awer bestëmmt net hir Aufgab ze kucken, dass d'Kanner an der Schoul ze iesse kréien. An esou sinn déi Missiounen am Fong wäit ewechkomm vum Ursprong an déi Leit, déi am CPOS geschafft hunn, haten net méi Zäit sech ëm dat Essentiellt ze këmmeren.

Dëse Projet de loi gëtt hinnen elo d'Méiglechkeet sech ëm dat Essentiellt ze këmmeren, an dat Essentiellt, dat ass eben d'Orientation scolaire an d'Orientation psychologique.

D'Orientation scolaire ass e Problem, dee ganz wäit reechend ass, well ee muss d'Leit, déi Orientation scolaire et professionnelle maachen, vill besser formëieren. Déi meescht vun de Leit, déi an e Lycée schaffe ginn, an e SPOS, déi kenne wuel de Lycée classique, well se selwer duerch dee System gaange sinn, kennen awer de Lycée technique mat senge ville Facetten an deene Beruffsbiller, déi sech doraus erginn, net. Dofir muss och nach méi systematesch wéi bis elo Formation professionnelle vun deene Leit gemaach ginn, déi an de SPOSe schaffen, an dat zesumme mat de Milieux professionnels.

D'OCDE huet och eng Etüd gemaach iwwert d'Orientation professionnelle zu Lëtzebuerg, an do war virgeschloe ginn nach e Gremium ze maachen, dee sech ëm d'Orientation scolaire géing këmmeren. Et war awer gemengt ginn, et wier vill besser et géing een dat huelen, wat een elo huet, nämlech de CPOS, an et géing ee probéieren, do dann déi Servicer an engem Organ ze regruppéieren, an ech mengen, dat ass och de richtege Wee.

Wann ee vum Centre de psychologie et d'orientation scolaires schwätzt, dann ass eng vun de wichtege Missiounen déi, dass e muss eng Hëllef ubidden, dass Therapië kënnen ugebuede ginn. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg ze vill oft d'Situatioun, dass mer Kanner hunn, déi a Schwieregkeete sinn. Dat gëtt och nach diagnostizéiert, mä dann ass kee spezialiséierten Organissem do, fir eng wierklech Therapie unzebidden. Dat kann e Service de psychologie et d'orientation scolaires net maachen, well dat si jo keng Therapeuten. E Schoulpsycholog ass net Therapeut, c'est un métier! An et kann net jiddfereen egal wou betreit ginn, egal wou suivéiert ginn, an dofir muss een dat op enger Plaz maachen an d'Kanner oder déi Jugendlech dohinner guidéieren, wou se da gehollef kréien.

Eppes wat mer net hunn a wat mer awer batter néideg bräichten - an dat geet wierklech op Joren zréck, mä de Problem, dee gëtt ëmmer

méi grouss -, dat ass, dass mer Kanner hunn, déi en inadequat Verhalen hunn an déi ganz staark psychesch Problemer hunn, déi missten an engem protegéierte Milieu therapéiert ginn. Da musse se awer och nach beschoult ginn, an dat besteet am Moment net. Mir brauchen also eng Struktur an där d'Kanner kënne während enger Zäit, soulaang hir Therapie dauert, ënnerbruecht ginn, wou se awer an der Schoul, wat de Schoulprogramm ubelaangt, näischt verléieren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Do ware verschidden Usätz gemaach ginn tëschent dem Ministère de la Santé, dem Ministère de l'Éducation nationale an och mat der Famille zesummen, fir ze kucken esou eng Struktur op d'Been ze setzen. Ech wollt froen, wéi wäit déi Aarbechte sinn, well et ass esou, dass mer net jiddferee kënnen ambulant behandelen. Et si Schüler, déi mussen iwwer eng laang Zäit an enger Institutioun ënnerbruecht ginn, an do brauche mer eng extra Struktur hei zu Lëtzebuerg.

Bei dëser Diskussioun wollt ech och nach soen, dass déi Services de psychologie et d'orientation scolaires keng Wonner kënne wierken. Ganz oft ass gemengt ginn, wann e Schüler Schwieregkeeten hätt, da géing een e bei de SPOS schécken an dee géing iergendwéi eng Solution miracle fannen an da wier de Problem geléist. Esou geet dat awer net, esou kann dat net fonctionnéieren.

Eng Prise en charge ass wuel néideg, mä da geet d'Aarbecht eréischt un, an et kann een net mengen, dass e Psycholog iergendwéi ee wier, deen eng Potion magique hätt, déi ee géing anhuelen, oder en Trick fir besser ze léieren an da wier de Problem geléist. Wann et esou einfach wier, da bräicht ee sech net weider vill ze beméien. Mä dofir ass d'Erwaardungshaltung vis-à-vis vun deene Servicer och heiansdo démesuréiert grouss.

Dat sinn déi puer Bemierkungen, déi ech am Zesummenhang mat dësem Projet wollt maachen. Ech wollt och den Accord vu menger Fraktioun bréngen, mä zum Schluss wollt ech nach eng perséinlech Remarque maachen.

1975 hunn ech an engem SPOS ugefaange mat schaffen. Dat war meng éischt Aarbechtsplaz, an den Här Haupert kuckt, well den Här Haupert war déi Zäit an der Direktioun vun der Schoul. Hie war also mäi Patron. Mir fannen ons elo hei an der Chamber erëm.

Déi Zäit waren déi Services de psychologie et d'orientation scolaires an der Schoul éischter rar. Ech war deen éischte Psycholog, deen am heitegen Escher Lycée technique geschafft huet, an dofir, och wann et iwwer 30 Joer hier ass, muss ech soen, dass d'Problematik a sech net geännert huet, well et kënnt een als jonke Psycholog an e Schoultyp eran, deen een a senger Komplexitéit net kennt. Do gi Schüler ausgebilt a Beruffsbiller, déi een net kennt. All dat muss ee sech erschaffen. All dat muss een duerch Erfahrungswäerter sammelen.

Dat war dee Moment ganz schwiereg, well vun de Schoule selwer net déi positiivst Attitüd vis-à-vis vun de SPOSe bestanen huet. Dat huet Gott sei Dank geännert, mä et schéngt mir awer wichteg ze sinn, dass, wéi dat elo an deene leschte Jore gemaach ginn ass, weiderhi ganz vill Attentioun geluecht gëtt op d'Formatioun vun de Leit, déi an de SPOSe schaffen. De CPOS kritt jo hei och eng Missioun. Hie ka sech dann dorëms nach méi konzentréiert këmmeren, an ech mengen dat ass am Intérêt vun onsem Schoulsystem, mä et ass virun allem am Intérêt vun de Schüler, an dofir wäerte mir dëse Projet och stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, no deenen ausféierlechen Uféierungen hei, ënner anerem och vun der Madame Brasseur, déi e flotten Exkurs an den Historique vun de SPOSe gemaach huet, wëll ech mech e bësse kuerz faassen.

Am Rapport vun der Kommissioun gëtt festgehalen, datt de CPOS den, ech zitéieren, «organe responsable directement devant le Ministre de l'Éducation pour la coordination, l'évaluation et la mise en œuvre des actions générales en matière d'orientation arrêtées par le ministre» ass.

Elo hätt ee jo bal d'Gefill, mir hätten ee vun deene Schëllegen un de Mëssstänn, déi mer am Lëtzebuerger Schoulsystem kennen, fonnt. Ech erënneren un Etüde wéi zum Beispill „Analyse des Klassenwiederholens im primaren und postprimaren Bereich" oder - an déi Etüd ass am beandrockendsten - «Étude sur les élèves quittant prématurément nos écoles».

Dat wier sech d'Saach natierlech ze vill einfach gemaach. Ech mengen awer trotzdeem däerfen ze behaapten, datt um Punkt vun der Orientation scolaire an eise Schoulen nach villes ze maachen ass.

Mir begréissen duerfir och, datt am Projet de loi, dee mir haut zum Vote virleien hunn, d'Missioune vum CPOS esou kloer opgezielt sinn. Den Här President a Rapporteur vun der Educatiounskommissioun huet déi jo schonns opgezielt. Ech ziele se duerfir elo net méi alleguerten eenzel op, mä ech profitéiere vun der Geleeënheet, dem honorablen Här Scheuer Merci fir seng gutt Aarbecht ze soen.

Bei de Missioune vum CPOS handelt et sech virun allem ëm Koordinatioun tëschent verschiddene Servicer, Evaluatioun vu Mesuren, Sensibilisatioun an Informatioun, Organisatioun vu Formation continue a Mediatioun. Eng Missioun fält a mengen Aen zimlech aus der Rei: «Le Centre a pour mission d'assurer la prise en charge d'élèves présentant des troubles psychologiques et d'apprentissage.» Am Kapitel 3 vum Rapport «Le CPOS: Historique, Contexte et démarche» steet an deem Kontext: «Le CPOS souhaite offrir un espace non stigmatisé et non prédéfini, un lieu qui se distancie des exigences de la vie scolaire de tous les jours, permettant de thématiser toute la complexité des différents problèmes psychologiques.»

Hei geet de CPOS kloer iwwert de schoulesche Kader eraus. Ech froe mech wierklech, ob de CPOS, vu all seng aner Missiounen, esou eng neutral Plaz ka si wéi se virdru beschriwwe gouf.

Zu Lëtzebuerg ass d'Offer vun Institutiounen, un déi sech Jugendlech mat Problemer kënne wenden, esou beschränkt, datt natierlech och mir frou sinn iwwer all zousätzlech Méiglechkeeten. Trotzdeem froe mir eis, ob et net méi richteg wier fir d'Jugendlech, déi eng therapeutesch Hëllef brauchen, déi net am Zesummenhang mat der Schoul steet - well fir déi Hëllef, déi am Zesummenhang mat der Schoul steet, si jo d'SPOSen zoustänneg, an et ass och ganz richteg wéi d'Madame Brasseur gesot huet, fir eng therapeutesch Hëllef brauch een eng therapeutesch Ausbildung, déi net onbedéngt all Schoulpsycholog huet -, ob fir déi Jugendlech net e Service ausserhalb vun der Schoul misst opgebaut ginn.

Mir wäerten eis als Gréng Partei an Zukunft nach verstäerkt mat der Jugendpsychologie an der Jugendpsychiatrie zu Lëtzebuerg ausernee setzen, well mir der Meenung sinn, datt et hei nach ganz vill un Infrastrukture feelt. Obschonn ech mir et e bësse schwéier gemaach hu mat dësem Projet a mech och beim Vote an der Kommissioun enthalen hat, bréngen ech den Apport vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Henckes agedroen.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur a President vun der Kommissioun, den honorablen Här Jos Scheuer, huet ons e ganz ausféierleche Bericht zu dësem Projet de loi gemaach an dofir wëll ech just op zwee Punkten agoen.

Dat eent ass, datt et wichteg ass, datt duerch dëst Gesetz, wat mer elo solle stëmmen, déi eenzel Kompetenzen, d'Limitë wéi wäit deen ee Service an deen anere ka goen, wie wiem eppes ze soen huet, datt déi Donnéeën do, esou wäit wéi mir et kënnen an engem Gesetz festhalen, nei definéiert ginn oder méi prezis definéiert ginn. Ech mengen, dat ass eng positiv Saach, déi mer an dësem Gesetzesprojet wëllen ervirsträichen.

Deen zweete Volet, op deen ech wëll agoen, ass dee vun der Mediatioun. Mir wëssen, datt et an de Schoulen ëmmer méi Konflikter gëtt. D'Zuel vun den Eltere wiisst, déi eng Saach net verstinn oder sech iergeren - heiansdo mat Recht - iwwert dës oder déi Décisioun, oder dësen oder dee Comportement. Et geet drëm, datt déi d'Méiglechkeet hu vun enger Ulafsstell, wou se dee Problem kënnen debattéieren, wou se och eng Äntwert kréien a wou och versicht gëtt, fir déi Problematik ze schlichten.

Ech géing awer hei soen, wann et scho Mediatioun heescht, da soll et och wéi eng Mediatioun fonctionnéieren. Dat heescht, datt op där enger Säit d'Eltere sinn, op där anerer Säit den Enseignant oder Direkter, an datt de CPOS d'Mediatioun esou mécht, wéi et soss op anere Plazen och geschitt. Dat géing awer bedeiten, datt déi Leit dann natierlech och eng Formatioun als Médiateur géinge kréien. Ech mengen, wa mer et esou uginn, da si mer um richtege Wee.

Ech géing et schlecht gesinn, wann de CPOS dee wier, deen op eng Kéier och d'Äntwerte misst ginn. Do läit menger Meenung no vläicht nach eng kleng Prezisioun, wou d'Madame Ministerin ons kéint soen, wéi si dat an der Praxis virgesäit. Mir schéngt et awer wichteg, datt de CPOS net aus senger Missioun vum Médiateur soll erausgoen.

Dann ass et awer och wichteg, wa mer schonn esou e Service hunn, datt mer dann awer och kucken, wann eng Interventioun geschitt ass, wann eventuell en Traitement psychiatrique oder soss eppes beuerdert ginn ass, wat da schlussendlech d'Resultater si vun deem Traitement. Ech mengen, et kann engem SPOS ganz gutt méiglech sinn, fir zu engem Zäitpunkt X eppes festzestellen, en Traitement ze ordonnéieren, an dann ee Joer oder sechs Méint - oder wéi et dann eben ass - méi spéit nach eng Kéier de Bilan ze zéien, fir ze kucken, ob dat Resultat, wat ee wollt kréien, och erreecht ginn ass.

Dat ass och wichteg fir ons hei an der Chamber, an ech gleewen och fir d'Regierung, fir ze kucken, ob een net muss vläicht aner Weeër goen oder zousätzlech Initiative virgesinn.

Et ass och richteg, fir ze soen, datt dat Ganzt sech areit an eng Situatioun vun onser Schoul, wou ee gesäit, datt et ëmmer méi Jugendlech ginn, déi ufänken net méi an d'Schoul ze goen, wou et Brutalitéite ginn, wou et Verhalensstéierunge ginn, a wou et wichteg ass, datt dat bien entendu an engem SPOS diskutéiert gëtt, mä net nuren do. Et bedeit och, datt Reformen an de Schoule gemaach ginn, an datt mer eventuell och iwwer Éducateuren, déi den Enseignanten zur Säit stinn, vläicht eng etlech Problemer kënne léisen an e bessere Suivi maachen.

Dofir ass et wichteg, Madame Ministerin, datt eng Réforme scolaire duerchgefouert gëtt an am Parlament presentéiert gëtt, fir ons Schoul un déi modern Zäiten, där Jugend an deene Problemer, déi se huet, ze adaptéieren, a fir se méi staark ze maache fir an dem zukünftege Liewen hire Mann oder hir Fra ze stoen.

Da wollt ech awer soen, datt ech den Accord bien entendu vun der ADR-Fraktioun bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo d'Madame Mady Delvaux, Minister zoustänneg fir déi national Erzéiung. Madame Minister.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt selbstverständlech dem Rapporteur Merci soen, mä awer och allen Intervenanten. An ech freeë mech och iwwert dee breede Konsens zu dësem Projet, dee jo och de Mérite huet, dass e vu menger Virgängerin déposéiert ginn ass, déi jo am Fong bal en zweete Rapport nom Här Scheuer gemaach huet.

An ech wëllt just nach derbäisetzen, dass dat éischt Gesetz iwwert d'SPOSen, well jiddfereen hei a sengen Erënnerunge wullt, e Gesetz war, wat de Robert Krieps an de Guy Linster deemools an d'Chamber bruecht hunn, an dass et eigentlech eng grouss Diskussioun war, ob dat iwwerhaapt noutwendeg wär, dass een esou Servicer wéi Psychologen an Orientateuren an der Schoul géif brauchen, an dass mer haut am Joer 2006 awer elo e breede Konsens hunn, wou jiddfereen ënnersträicht, wéi wichteg, dass esou Servicer an der Schoul sinn.

Ech muss soen, dass dat awer eppes ass, wat mech freet. Duerfir wëllt ech dann allgemeng jiddferengem hei mäi breede Merci soen. An ech denken, dass ech am Numm vun der Madame Brasseur ka schwätzen, déi sech jo géif freeën, wa se kënnt dat Gesetz, wat si déposéiert huet hei, haut och esou verdeedegen, oder et ass jo näischt ze verdeedegen, mä eng Kéier résuméieren.

Fir mech ass et zimlech kloer, dass dat Gesetz iwwert de CPOS noutwendeg ginn ass, well am Joer 2004 e Gesetz gestëmmt ginn ass, wou d'SPOSen ënnert d'administrativ Hierarchie gestallt gi si vun den Direkteren. Vun deem Moment u war et néideg, fir dem CPOS - wat virdrun de Chef administratif war vun de Psychologen a vun deene Leit, déi do an der Schoul intervenéiert sinn - seng Missiounen nei ze preziséieren. An ech mengen, dass dat eng Aufgab ass, déi ganz wichteg ass.

Wichteg erschéngt et mer och, wann déi SPOSen ënnert der administrativer Tutelle vum Direkter vum Gebai stinn, dass se ënnert der fonctionneller Autoritéit vum Direkter vum CPOS stinn, well et jo awer wichteg ass, dass mer duerch d'Land an all deene Lycéeën, déi mer hunn, wou et iwwerall e SPOS gëtt, awer eng gewëssen Homogenitéit an der Leeschtung offréieren, dass d'Formation continue gemeinsam gemaach gëtt, an dass et och e Réseau gëtt vu Leit, déi mateneen iwwer hir Froen an iwwer hir Problemer schwätzen.

Doniewent, mengen ech, seet den Numm CPOS eigentlech alles. De CPOS huet zwee grouss Standbeen: Dat eent ass d'Psychologie an dat anert ass d'Orientatioun. An eigentlech sinn iwwert dëst Gesetz déi zwee Standbeen e bësse renforcéiert ginn.

Ech mengen, den Här Adam huet d'Fro opgeworf vun der psychologescher Betreiung, déi do am CPOS kënnt geschéien, ob déi justifiéiert ass. Ech denke jo, well et ëmmer erëm Schüler ginn, déi eigentlech net gären an hirer Schoul an de SPOS ginn, aus verschidden Ursaachen. Vläicht well de SPOS op där falscher Plaz ass, dass se musse laanscht iergendeng Dier goen, wou se keng Loscht hunn. A si wëllen eigentlech net hunn, dass iwwerhaapt iergendeen an der Schoul weess, dass se dohinner ginn. Ech denken, dass et gutt ass, dass mer fir déi Schüler eng Alternativ hunn, wa se net wëllen an hirer Schoul an dee Service goen, dass se kënnen op enger anerer Plaz an dee Service goen.

Ech denken, a mir hu jo och doriwwer schonn diskutéiert mam Direkter vum CPOS, dass et selbstverständlech ass, dass déi Psychologen, déi am CPOS schaffen, wësse wat fir eng Verantwortung, dass se hunn, an dass se déi Responsabilitéit gutt asetzen. Well eng Betreiung à long terme vu Kanner, déi psychologesch Schwieregkeeten hunn - hei geet et jo nëmmen ëm psychologesch Schwieregkeeten -, ass eng grouss Responsabilitéit. An do maachen ech wierklech en Appel un d'Responsabilitéitsgefill vun all de Leit, déi am CPOS schaffen. Ech weess och, dass een dat Vertraue kann a si hunn, an dass se genau wëssen, wou se kënnen intervenéieren a wou net.

Dat zweet Standbeen, dat ass jo dann d'Orientatioun. An do sinn zu deem déposéierten Text Amendementer gemaach ginn, fir déi Zesummenaarbecht zwëschen all deene Leit, déi intervenéieren, wat d'Orientatioun op d'Beruffsliewen ugeet, ze renforcéieren. Duerfir gëtt et e Comité an där Commission nationale, wou de Ministère de Travail, d'Administration de l'Emploi an d'Chambres professionnelles vertruede sinn, dee sech méi oft gesäit, fir dass déi Zesummenaarbecht an der Orientatioun besser fonctionnéiert.

Dann ass et dat Standbee vun der Mediatioun. Dat ass effektiv d'Propositioun fir e Médiateur fir d'Schoul ze nennen. Dee war an engem Projet, dee vun der viregter Regierung déposéiert ginn ass. Mir hu gemengt, et wär gutt, fir dat elo dem CPOS ze ginn; net iergendengem Beamten am Ministère, deen ëmmer e bëssen d'Misstraue vun deenen engen a vun deenen anere suscitéiert. De CPOS kritt also elo déi Missioun fir Médiateur ze si fir de ganzen Enseignement, dat heescht fir de Primaire an de Postprimaire. Selbstverständlech musse virdrun d'Instanzen duerchlaf sinn.

Ech wëllt dann der Madame Hetto hir Fro och beäntwerten iwwert d'Mediatioun. A verschiddene Schoule lafe Projete vu Mediatioun. Dat ass also e Schüler respektiv Elteren oder Proffen, déi sech an der Schoul probéieren e gutt Klima ze maachen a wann do e klenge Sträit ass zwësche Schüler, fir do ze intervenéieren. Dat si Projeten, déi ech ganz ganz wichteg fannen, déi gi jo och oft bei de Schüler notamment mam Service national de la Jeunesse zesumme gemaach an déi solle weiderlafen.

Déi Funktioun, déi de CPOS huet als Médiateur, dat ass, wann Elteren oder Schüler Sträit mat der Institutioun Schoul hunn a se ware beim Direkter a beim Inspekter a si kommen net weider, dass se dann eng Plaz hunn, wou se kënnten higoen. Dat heescht, dat ass also e Konflikt mat der Schoul an net innerhalb vun der Schoul.

An och fir dem Här Henckes seng Fro ze beäntwerten. Ech hat mer u sech virgestallt, dass de CPOS d'Adress ass, wou d'Leit higinn - mir hu jo eng ganz Rei Leit, déi forméiert sinn als Médiateur -, an dass ee sech Fall fir Fall déi Kompetenze siche geet, fir déi méi professionell Médiateuren do dann ze ruffen. Well ech mengen net, dass jiddereen, deen am CPOS schafft als Médiateur ausgebilt ass. Esou war d'Iddi, net onbedéngt een „ganzen" Médiateur, mä Fall fir Fall e Médiateur sichen ze goen.

Da war eng Fro gestallt ginn iwwer wie sech ëm Kanner am Primaire këmmert, déi esou Problemer hunn. Do wëllt ech awer soen, dass mer am Primaire e Service de guidance hunn, wou och Psychologe schaffen, wou ee kann dohinner goen, deen ee ka consultéieren - ech gesinn der Madame Hetto hiert Gesiicht, dat léisst drop hindeiten, dass se skeptesch dozou ass. Ech wëll soen, déi si regional organiséiert, dat ass also ganz ënnerschiddlech an et ass jo och virgesinn am Gesetz vun 1912, dass mer déi Servicer regruppéieren a besser regional organiséieren.

Ech wëll och soen, dass et mir wichteg ass - an dat ass jo och ee vun den Objektiver -, fir dem CPOS Leit ze ginn, zum Beispill Orthophonisten, wat datselwecht ass wéi Logopäden, just aner Spezialitéiten, fir dass se och kënnen déi Aufgab maachen.

An ech sinn och frou, dass de Rapprochement zwëschent deene Servicer am Primaire an am Postprimaire sech mécht, amorcéiert - wann ech dat däerf esou soen -, well déi Kanner, déi vum Primaire an de Postprimaire ginn, dat si jo déiselwecht, déi huelen hir Problemer jo mat. An duerfir ass et wichteg, dass sech déi Zesummenaarbecht zwësche Primaire a Postprimaire, déi mer gären hätten, wat d'Enseignanten ugeet, och fir all déi aner Servicer, verbessert.

D'Madame Brasseur hat gefrot, wéi et wär mat deene verschiddene Projeten „Psychiatrie". Also et ass eng gutt Zesummenaarbecht mat der Jugendpsychiatrie, wou d'Servicer matenee schaffen. Natierlech fannen ech et e bësse beängschtegend, dass mer eigentlech ni mat de Plazen nokommen, well dat ass jo och en Indicateur fir de Bien-être oder de Mal-être vun der Jugend, dass et eigentlech ni duergeet.

Ech sinn elo informéiert ginn iwwer en neie Projet, deen am Hierscht soll ulafen. Ech kann lech awer nach keng Detailer ginn. De Gesondheetsminister huet mer geschriwwen an eis Servicer setze sech elo zesumme mam Centre neuropsychiatrique an, fir dass do ee Projet soll lafe fir jonk Leit, och mat Schoul. Dat heescht, mir probéieren esou vill Plaze wéi méiglech ze schafen. Am Primaire ass d'Famill och amgaang ee Projet mat Internat auszeschaffen, wou mir da géifen d'Schoulleit zur Verfügung stellen. Dat, mengen ech, ginn awer ëmmer ganz kleng Strukturen, well mer eis et net virstelle kënne fir esou grouss Servicer ze maachen.

An ech wëll awer och hei soen: Jiddereen, dee wëlles huet oder deen ee kennt, dee bereet ass, esou e Projet ze initiéieren, dee begleede mir ganz gären. An ech mengen, et wier och wichteg, dass et regional organiséiert wär, well dat ass fir vill Kanner jo awer schwiereg. Et brauch ee sécher Internater an et brauch een och Tagesinternater fir esou Strukturen a mir mussen do nach vill schaffen. Verschidde Saache sinn amgaange sech en place ze setzen, mä leider geet et ni duer.

Ech denken, Här President, dass ech domadder d'Froe beäntwert hätt an da wëllt ech nach eng Kéier villmools Merci soe fir dee Konsens hei an ech wëllt dann dem CPOS - wann dat Gesetz dann elo gestëmmt ass - wënschen, dass hie seng Aarbecht mat vill Courage ugeet, well fir op déi lescht Fro vun der Madame Hetto ze äntwerten: Et ass elo net virgesinn, dass d'Personal do renforcéiert gëtt, dat heescht, et ass en Appel fir «faire mieux avec les mêmes», wann dat méiglech ass. An dofir och all deene Leit am CPOS villmools Merci fir d'vergaangent an d'zukünftegt Engagement.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Stein-Mergen), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif proposéieren, dass mer elo géifen iwwergoen…

(Interruption)

Ah jo.

Gëtt d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Ech géif proposéieren, dass mer elo géifen iwwergoen an d'Motiounen huelen, déi gëschter am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Universitéit, d'Innovatioun an d'Fuerschung agereecht goufen.

4. Débat d'orientation sur l'Université et sur la politique d'innovation et de recherche au Luxembourg

Motion de Monsieur Claude Adam relative à l'Université du Luxembourg (suite)

Et sinn aacht Motiounen am Ganzen. Zum Deel huet d'Regierung jo ewell Stellung geholl zu de Motiounen. Da komme mer zur Motioun 1, déi den Här Adam liicht modifizéiert huet. Här Adam, Dir wollt nach ganz kuerz e Wuert dozou soen.

Motion 1

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Zu der éischter Motioun, déi mer jo scho méi laang déposéiert hunn an och duerfir e bësse geännert hunn.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que le développement de l'Université du Luxembourg constitue à juste titre une priorité du Gouvernement;

- considérant que le Conseil de Gouvernement a pris en sa séance du 23 décembre une décision concernant l'implantation des différentes facultés;

- considérant que le Gouvernement a pris sa décision sur base du rapport élaboré par le groupe de travail «site unique Ville de Luxembourg» mis en place et constitué par le recteur de l'Université du Luxembourg et des représentants des Ministères concernés;

- considérant que le Gouvernement a décidé d'implanter les facultés des sciences et des lettres sur le site Belval/Ouest - site déclaré «site à vocation unique»;

- considérant que le Gouvernement propose le déplacement de la faculté de droit de son site actuel Limpertsberg après 2009;

- considérant que le Gouvernement n'a qu'en partie suivi les conclusions du groupe de travail sans fournir les explications détaillées de son choix;

- considérant que si la décision d'implanter les facultés des sciences et des lettres sur le site de la friche Belval/Ouest est à saluer, car suffisamment étayée par le rapport du groupe de travail, il n'en est pas moins vrai que la possibilité d'un déplacement de la faculté de droit n'est ni conforme aux conclusions du groupe de travail ni justifiée par le Gouvernement;

- considérant que le Gouvernement n'a pas associé la Chambre des Députés à sa décision du 23 décembre 2005;

invite le Gouvernement

- à poursuivre l'implantation des facultés des sciences et des lettres sur le site de la friche Belval/Ouest;

- à implanter définitivement la faculté du droit, des finances et de l'économie dans la capitale.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox, Viviane Loschetter.

Um Beispill vum Site Walfer, ee Site wou kee Politiker vun deenen ale Parteie gëschter e Wuert driwwer verluer huet, hunn ech gëschter drop higewisen, dass eng onkloer Décisioun zu Onsécherheet a Feelinvestissementer féiere kann.

Déi Gréng sinn der Meenung, datt d'Uni zu Lëtzebuerg net just eng Spillwiss fir eng Elit soll sinn, mä am Kader vun der Lissabon Strategie an der europäescher Héichschoulpolitik e Stéck vum Wee zu enger Wëssensgesellschaft muss ginn. Ech ginn dovun aus, datt mir mindestens esou vill Studenten zu Belval-Ouest gesi wéi eis Kolleegen aus deenen anere Parteien. Déi Gréng wëlle keng méiglechst grouss Uni, mir wieren eis awer géint eng méiglechst kleng Uni a mir gesinn och net, datt just eng méiglechst kleng Uni eng Garantie fir Qualitéit ass.

Mat eiser Motioun, fir haut schonn „Jo" zu zwee Siten ze soen, géinge mer eng kloer Ausso maachen an d'Uni wéisst, datt si um Plang vun den Infrastrukture géing an déi richteg Richtung investéieren. An engems hätte mer eng Ausso gemaach, datt mer bereet si bildungspolitesch Verantwortung am europäesche Raum ze iwwerhuelen an net op eng minimalistesch Uni géinge bestoen.

M. le Président.- Merci, Här Adam. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun.

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Négation)

De Vote électronique ass gefrot. Da maache mer dat.

Vote

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 41 Nee-Stëmmen an 19 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Lucien Thiel), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Henri Grethen et Claude Meisch;

M. Aly Jaerling.

Dann déi zweet Motioun vum Här Sunnen iwwert d'Opstellung an de Finanzement vun engem Orientéierungsprogramm fir d'Uni.

Den Här Huss freet dozou nach d'Wuert.

Motion 2

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, nëmme ganz kuerz, Här President.

An zwar hätt ech eng Fro par rapport zum siwenten Tiret ënnen, ech mengen, et ass de siwenten «soulignant le rôle essentiel», ob een do net kéint e klengen Ajout maachen. An zwar steet do «de développer des partenariats stratégiques avec le monde des entreprises pour l'exploitation de la connaissance scientifique et technologique».

Ech sinn der Meenung, datt et wichteg wier fir - grad och hei am Land - deene klengen a mëttleren Entreprisen ze hëllefen, fir och do dobäi kënnen ze partizipéieren, an ob een do net kënnt dobäisetzen «avec le monde des entreprises et notamment les PME, Petites et Moyennes Entreprises, (…)». Kënnt een dat eventuell dobäisetzen?

M. François Biltgen, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- D'Regierung huet kee Problem mat deem Ajout.

M. le Président.- Da ginn ech dovun aus, dass och den Här Sunnen domat d'accord ass.

(Assentiment)

Gutt.

(Interruptions)

D'Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Merci, Här President. Mir si mat der Ausriichtung vun där Motioun och d'accord. Mir kënnen déi och als DP droen. Allerdéngs ass ee Passage dran, an zwar ass dat de leschten Alinea op der éischter Säit «et rappelant l'accord de coalition», wou dorop Referenz gemaach gëtt. Ech wëll awer betounen, och wa mer déi Motioun stëmmen, dass mer awer domat onsen Accord zum Koalitiounsaccord net wäerte ginn.

(Hilarité et interruptions)

Ech wollt dat awer preziséieren.

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés,

- vu la loi du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg;

- vu la déclaration du Gouvernement sur la situation économique, sociale et financière du pays, prononcée par le Premier Ministre le 2 mai 2006 à la Chambre des Députés, notamment quant à la volonté affichée d'accroître les investissements en recherche;

- considérant le plan quadriennal de l'Université du Luxembourg adopté par le conseil de gouvernance de l'université lors de sa séance du 12 mars 2006;

- prenant note de la communication de la Commission au Conseil et au Parlement européen du 11 mai 2006 «Faire réussir le projet de modernisation pour les universités: formation, recherche et innovation»;

- rappelant le principe établi par la loi du 12 août 2003 selon lequel l'Université du Luxembourg est une université spécialisée alliant recherche et enseignement, de taille réduite et à rayonnement international et qu'elle donne la priorité à la recherche pour en dériver ensuite des enseignements;

- rappelant les principes fondamentaux de l'université, et notamment la mobilité internationale des étudiants, des enseignants et des chercheurs, le caractère multilingue de l'enseignement ainsi que l'accompagnement des étudiants sous forme de tutorat;

- soulignant le rôle essentiel de l'université dans le développement d'une économie fondée sur la connaissance et accentuant dès lors son rôle en tant qu'acteur économique, capable de répondre rapidement à la demande des marchés et capable de développer des partenariats stratégiques avec le monde des entreprises et notamment des PME pour l'exploitation de la connaissance scientifique et technologique;

- insistant sur l'apport essentiel de l'université au développement et à la cohésion de la société luxembourgeoise, et rappelant l'accord de coalition qui prévoit à cet égard: «Parmi les grands axes, le Gouvernement encouragera également la recherche sur l'identité du pays, sur la société luxembourgeoise, les flux migratoires, l'intégration ainsi que sur la langue et le système de langues pratiqué au Luxembourg, ceci pour disposer d'instruments permettant de promouvoir la cohésion sociale.»;

- réaffirmant le rôle clé de l'université pour doter l'économie et la société luxembourgeoise des compétences et de l'expertise nécessaires pour réussir dans un monde de la connaissance globalisée et encourageant ainsi la mise en place de formations de haut niveau répondant aux critères de l'employabilité;

- consciente de la nécessité de garantir la viabilité financière de l'université à long terme et soucieuse de baser le financement de l'université sur les résultats à produire plutôt que sur les moyens utilisés;

invite le Gouvernement

- à élaborer, en prenant dûment en compte le plan quadriennal de